Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Den 1. Februar koum et um Fluchhafe Findel zu enger gréisserer Betribstéierung, bei der méi wéi eng Stonn keng Fligere méi konnten zu Lëtzebuerg landen. Als Konsequenz si verschidde Flich op Noperfluchhäfen ëmgeleet ginn an aaner Fligeren hu misse wärend der Stonn am Loftraum kreesen. Luxairport no war eng kuerzzäiteg Stéierung beim "Instrument landing system (ILS) d'Ursaach vun dëser betriblecher Pann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wat waren déi exakt Grënn fir den Ausfall vum ILS vum 1. Februar?
- Op wéi engem technologesche Stand ass den ILS, deen um Findel installéiert ass?
- Wéi a mat wéi engen Dokumenter stellt d'Regierung sécher, dass d'Maintenance vum ILS säit 2013 konform duerchgefouert ginn ass?
- Opgeschlësselt no Ursaach a no Joer säit 2013, wéi vill Flich hu vum Findel missten op aner Fluchhäfen ëmgeleet ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député